

en-suiciden huet wéi zum Beispill an Nordrhein-Westfalen oder am Saarland. Et gëtt keng Explikatiounen, oder ech hu keng derfir, mä dat misst ee vläicht och eng Kéier e bësse méi verdéiwen.

Als Familljen- a Jugendminister wëll ech haaptsächlech och iwwert d'Preventioun schwätzen, an ech schwätzen och nëmmen iwwert déi Jugendlech. Ech sinn domadder d'accord, wat och de Gesondheitsminister gesot huet, datt et virun allem wichteg ass och deen Tabu ze briechen iwwert de Selbstmord an iwwert d'Selbstmordgefährdung. Well erwisenerweis - an d'Madame Andrich-Duval huet dat och gesot - ass et net méi esou, wéi fréier ëmmer gemengt gouf, datt een, dee géif soen, e géif Selbstmord maachen, kee géif maachen, mä datt haut eigentlech gesot gëtt, datt jiddfereen, deen dat wëlles hätt, et an iergendenger Form och eng Kéier géif aussprechen.

Duerfir ass et wichteg déi Messagen opzehuelen. Et ass wichteg et ze verstoen an dat och seriö ze huelen. Duerfir muss een och d'Leit sensibiliséieren - d'Elteren, d'Erzéier, d'Schoulpersonal, d'Frënn, d'Begleetpersonal aus de Sportsclubb, de Jugendmouvementer an de Jugendhaiser -, fir datt se mierken, wann et engem Kand oder engem Jugendleche schlecht geet. Et muss een also d'Symptomer erkennen, d'Zäit sech huelen, fir mat deem Betroffenen ze schwätzen, ob hien duerzegoen an him och seng Hëllef unzbidden.

Et gëtt vill Grënn fir Kanner a Jugendlecher, fir Suicide-gefährdet ze sinn. Ech denken un Depressioun als Krankheet, mä awer och als Folleg vun traumateschen Erleefnesser, zum Beispill Kanner, déi an hirer ganz jonker Kandheet verlooss goufen; Scheedungen, wou d'Kanner ganz dacks sech als déi Schëlleg spieren; d'Gewalt vis-à-vis vun de Kanner; den Abus sexuel; Jugendlecher, déi an Droge komm sinn a keen Auswee méi gesinn, an dat nach gekoppelt mat héije Scholden; Doud an Trauer; Einsamkeet; d'Angscht net matzekommen an der Schoul, ausgeschloss ze sinn aus der Gesellschaft an esou virun.

D'drëttwichtigst Element ass d'Formatioun, an op Wonsch vun Personal besonnesch aus de Jugendhaiser wäert vum nächste Joer un de Service National de la Jeunesse eng Formation continue aféiere fir d'Éducateuren an d'Éducateur-graduëen an d'Éducatrices zu deem Thema. Mir wäerten och e Guide erausginn iwwert de Bien-être vun deene jonke Mënschen, wou och dëst Thema ugeschwat gëtt a wou besonnesch och an der Annex Informatiounen si fir dat éducatiivt Personal, déi déi doranner erëmfannen.

Aner Servicer, déi Hëllef bidde fir Kanner a Jugendlecher an déi mam Familljeministère konventionéiert sinn, sinn eng Kéier de Service Psy-jeunes, de Service psychothérapeutique pour Jeunes vun der Croix-Rouge, dee säit 1994 besteet a Kanner a Jugendlecher bis zu 22 Joer betreit. E bekëmmert sech ebenfalls ëm déi betrafte Leit, déi, déi Jugendlecher betreien, souwéi d'Elteren, d'Geschwëster, d'Schoulpersonal an anerer.

De Psy-jeunes adresséiert sech u Jugendlecher, déi e Psychotrauma erlieft hunn an hirer Famill, an der Schoul oder soss éierens an déi doropshin verhalensgestéiert sinn.

Zweetens, de Kanner- a Jugendtéléfon, den 12345, an SOS-Détresse si Servicer, déi nolauschteren an orientéieren iwwert den Téléfon. Si sinn do fir d'Kanner an d'Jugendlech ze ënnerstëtzen an hinnen ze hëllefen, eng ugepasste Léisung ze fannen. De Kanner- a Jugendtéléfon an SOS-Détresse kënnen och virun orientéiere bei déi spezifesch Servicer.

Drëttens, d'Services de médiation. D'Madame Err hat virdrun dovunner geschwat. Et gëtt der mëttlerweil dräi hei zu Lëtzebuerg, déi sech och dorëmmer këmmere. Ech denken och, datt déi eng wichteg Roll spillen, wann et drëm geet, och an der Famill oder am noen Ëmkrees Konflikter ze léisen.

Véiertens hu mer d'Sozialservicer vum Roude Kräiz, déi an éischter Linn schaffen a fir d'Leit do sinn, fir de Leit an der Nout ze hëllefe respektiv déi Servicer an Administratiounen unzeginn, wou déi Persounen an Nout Hëllef kënnen kréien.

Fënneftens, d'Centres vun der Ligue médico-sociale. Hei kréien d'Leit iwwert d'Action sociale gehollef; si kënnen awer och juristesch a psychologesch Hëllef kréie bei familiäre Problemer, bei Surendettement oder och aneren.

Sechstens, d'Centres d'accompagnement en milieu ouvert. Dat si Servicer, déi alternativ oder als Zousaz zu engem Placement an engem Foyer als psychopedagogesch oder sozial Begleitung vun de Kanner a Jugendlechen an/oder hirem Entourage duerch sozial Formatioun, Consultatioun, Mediatioun an esou viru kënnen hëllefen.

Siwintens hu mer d'Foyers d'accueil et de dépannage, d'FADEPen. Dat si Foyeren, wou Kanner a Jugendlecher an Noutfall a Krisensituatiounen aus hire Familljen opgeholl ginn. Hei ass d'Personal och konfrontéiert mat der Suicide-Problematik a muss hëllefen de Kanner a Jugendlechen hir Liewenskrise ze bewältegen. A wéi ee Kräizwee ganz dacks déi Kanner hanner sech hunn, wa se bis dohinner kommen, ass onbeschreiflech.

Dann hu mer de Service Treffpunkt, deen organiséiert gëtt vun de staatleche Kannerheemer. Si begleeten d'Elteren an d'Kanner, déi sech am Kader vum Droit de visite op enger neutraler Plaz begéien am Fall vu Placement, Scheedung oder Trennung, respektiv begleet si Kanner bei der Visite bei hiren Elteren am Prisong.

Dann hu mer als nächst Struktur de Logement en milieu ouvert. Hei handelt et sech ëm Servicer, déi d'Kanner an déi Jugendlech begleeten, déi aus de Foyere kommen, wou se placéiert waren, fir datt se selbstänneg gi respektiv an e Logement encadré kënnen kommen. Mir hunn 117 Plazen, déi dofir zur Verfügung stinn, an hei ginn d'Hëllef vum der finanzieller Ënnerstëtzung bis zum Zurverfügungstellung vu Logementer mat engem socio-éducativen Encadrement.

D'Centres socio-éducatifs de l'État vun Dräibur a Schraasseg huele Jongen a Mee-dercher op, déi mannerjähreg sinn an iwwert de Jugendriichter placéiert ginn. Missiounen sinn éischters den Accueil socio-éducatif vun deene Kanner, therapeutesch Hëllef, Enseignement socio-éducatif, d'Preservatioun an d'Garde - wat och bedeit, datt Jugendlech mat Selbstmordgefährdung betreit ginn.

Dat sinn déi haaptsächlech Servicer. Et gëtt der eng ganz Partie anerer. Ech denken zum Beispill un Omega 90, déi och Kanner begleeten, wann eng Persoun oder een aus der Famill gestuerwen ass.

An, Här President, ech si mat all deene Virriedner och frou, datt déi éischt Journée nationale de prévention stattfonnt huet, déi SOS-Détresse an de Centre d'Information et de Prévention organiséiert haten, a wou all déi Professionell do waren. Hir Recommendationen, fir zesummenzeschaffen a gutt geplangten a kohärent Réseauen opzebauen, fir Selbsthilfegruppen ze schafen, fir Sensibilisatioun fir de Grand public a Formatioun fir d'Personal aus dem Secteur psycho-médico-social, kann ech nëmmen ënnerstëtzen.

Ech fannen och dës Vernetzung besser, wéi wa mer erëm géingen nei Servicer schafen, a schliesslech si vill Professioneller op ville Plaze betraff. An et ass och hei gesot ginn, datt selbstverständlech niewent eis, déi de Mëtteg hei waren, och d'Schoul gefuerdert ass a gefördert ass, an duerfir si jo och Verrieder do, fir dat hei matzedeele.

Ech sinn och iwwerzeegt, datt, wa mer zesumme mat deene villen Acteuren um Terrain - an dozou gehéiert selbstverständlech, wéi gesot, nach eng Kéier och d'Schoul - mateneen a vernetzt denken a schaffen, mer d'Zuel vun deene Jugendleche Selbstmorden erofgesat kréien.

Et geet jo net ëm d'Zuelen an et geet net ëm Statistiken, mä et geet ëm Mënschen. An do denken ech ass alles wichteg, wat mer kënnen maachen an hirem Interessi a selbstverständlech och an deem vun hire Familljen.

Merci.

» Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Domadder si mer um Enn vun dëser Debat ukomm. Dem Här Bettel seng Resolutioun ass an der Zwëschenzäit vun alle Fraktiounen ënnerschrifwen.

Résolution

» **M. Jos Scheuer (LSAP).**- Zur Resolutioun nach ee Wuert.

» **M. le Président.**- Jo, Här Scheuer.

» **M. Jos Scheuer (LSAP).**- Merci, Här President. Verschidde Riedner hunn et

gesot, d'Madame Err huet et besonnesch ënnertrach, datt d'Education eng grouss Roll ze spillen huet an dëser Problematik. Ech wollt proposéieren, fir niewent der Commission de la Santé an der Commission de la Famille och d'Commission de l'Éducation nationale an dës Resolutioun opzehuelen.

» Une voix.- Très bien!

» **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, als Auteur vun der Resolutioun hunn ech selbstverständlech näischt géint dës Propositioun.

» **M. le Président.**- Gutt, da kënnt d'Kommissioun vun der Education nach derbäi.

Résolution 1 modifiée

La Chambre des Députés,

constatant que la problématique d'un taux élevé de suicide au Luxembourg est une réalité,

décide

de charger la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale, la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle et la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse à organiser une réflexion approfondie sur la problématique en organisant un débat au sein de ces commissions pour approfondir le sujet.

(s.) Xavier Bettel, Claude Adam, Sylvie Andrich-Duval, Lydie Err, Marie-Josée Frank, Aly Jaerling, Robert Mehlen.

Vu dass d'Fraktiounen alleguerten domat d'accord sinn, dës Sait och, kënnen mer par main levée ofstëmmen.

Vote

Wien ass d'accord mat der Resolutioun? Ech gesinn, dass déi eestëmmeg ugeholl ass. Da kënnen d'Kommissiounen ufänke mat schaffen.

Mir kommen dann zum Second vote constitutionnel iwwert d'Verfassungsemännerung 3923C, déi mer gëschter net evakuéiert kruten.

6. 3923C - Proposition de loi portant 1. révision des paragraphes (1), (3), (4), (5) et (6), alinéa 1^{er} de l'article 11 de la Constitution; 2. création d'un article 11bis nouveau de la Constitution - Second vote constitutionnel

D'Chamber huet heiriwwer eng éischte Kéier den 22. November 2006 ofgestëmmt. Et sief drun erënnert, dass mer hei eng Zweedréttelmajoritéit brauchen, opgrond vum Artikel 114 vun der Verfassung. De Vote par procuration ass net erlaabt. Mir kommen dann also elo zum Second vote constitutionnel iwwert d'Propositioun 3923C.

Second vote constitutionnel

D'Proposition de loi 3923C ass am Second vote constitutionnel mat 45 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, M. Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Roger Negri, Jos Scheuer, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass eng Aktualitéitsstonn ugefrot vun der Fraktioun vun deene Gréngen iwwert de Medikamentemëssbrauch. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Stein, den Här Krieps, d'Madame Dall'Agnol an den

Här Mehlen. D'Wuert huet elo als éischte Riedner fir d'Fraktioun vun deene Gréngen den honorabelen Här Jean Huss.

7. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG au sujet de l'abus de médicaments psychotropes chez les adultes et les jeunes en Europe et au Luxembourg

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Sujet vun dëser Heure d'actualité, nämlech de Mëssbrauch vu Psychopharmaka hei am Land a ronderëm eis, huet indirekt och e wéineg ze di mam Sujet vu virdrun, der Inzidenz vun Suicide, well zum Beispill munche Psychopharmaka nogesot gëtt, grad si kéinten de Risque vum Suicide och nach verstärken. Mir bleiwen also mat dëser Heure d'actualité am Beräich vun de psychesche Problemer a psycheschen Erkrankungen.

Wa mer nämlech europa- a weltwäit d'Statistike vum Gebrauch oder vum Mëssbrauch vu Psychopharmaka kucken, da stelle mer fest, datt eist Land doranner zwar just e klenge Stee vun engem grouss Puzzle duerstellt, mä et stellt een awer och fest, datt Lëtzebuerg niewent Frankräich, der Belsch oder Italien an Europa mat am Spëtzepeloton vum Konsum vu Psychopharmaka läit.

Iwwert de steigende Konsum a Mëssbrauch vu Psychopharmaka insgesamt géif et ganz vill ze soe ginn, an et deet mer duerfir nodréiglech gesinn och leed, datt ech doriwier just eng Heure d'actualité ugefrot hunn an net eng Interpellatioun, déi eis méi Zäit fir d'Diskussioun erlaabt hätt, fir op d'Problematik vun de Psychopharmaka insgesamt méi am Detail kënnen anzegoen. Zum Beispill och op de wuessende Problem vun de sougenannten Antidepressiva oder zum Beispill och op de Problem vun der Verschreiwung vu Psychopëlle bei eise Kanner. Mir wäerte bei anerer Geleeënheet dorobber zréckkommen.

Haut wéilt ech also just iwwert de Problem vun héije Konsum a vum Mëssbrauch vun de sougenannte Benzodiazepine schwätzen. Dat heescht also haaptsächlech iwwer Schlof- a Berouegungspillen a Pëlle géint Angscht oder Stressgefiller, woubäi awer natierlech net de kuerzzäitege kontrolléierten therapeuteschen Asaz vun esou Mëtteleen a Fro steet.

Iwwert de Mëssbrauch vu Benzodiazepinen ass bekanntlech viru kuerzem e ganz interessante Mémoire, eng Etüd vum Lëtzebuerger Psychiater Jean-Marc Cloos virgueluecht ginn iwwert d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg, a wann een doranner d'Donnéen an d'Zuele vergläicht mat den Donnéeën, déi an engem rezente franséische Rapport vun der Assemblée nationale a vum Senat aus dem Joer 2006 ënnert dem Numm „Rapport sur le bon usage des médicaments psychotropes“ publizéiert goufen, da gëtt et do vill Ähnlechkeeten an et gëtt och déiselwecht Grënn fir sech Suergen ze maachen a fir ze kucken, fir all néideg an all méiglech Géigemesuren ze ergräifen.

E puer Zuele just aus deem Mémoire iwwert d'Situatioun zu Lëtzebuerg. Zuelen, déi op Donnéeën vum Contrôle médical vun de Krankekeese berouen aus dem Zäitraum vun 1995 bis 2004, also iwwer ronn zéng Joer.

Deemno hätten ëmmerhin iwwer 166.000 Persounen an deenen zéng Joer op esou Benzodiazepinen zréckgegraff. Een Deel dovunner just kuerzzäiteg an heiansdo, mä ronn 70.000, dat wären iwwer 15% vun der Gesamtpopulation, hätten e Laangzäitkonsum gehat, dee Problemer kéint opwerfen, a 46.318 hätte souguer iwwer ee Joer eraus all Dag op esou Mëtteleen zréckgegraff. Esou datt ee laut wëssenschaftlechen Donnéeën dovu misst ausgoen, datt wahrscheinlech iwwer 5% vun eiser Bevölkerung vu Benzodiazepinen ofhängeg, dat heescht medikamentesüchteg dierfte sinn.

No den Donnéeën vun der UCM wieren 0,4 bis 0,5% vun eiser Bevölkerung dobäi net nëmmen esou Laangzäitkonsumenten, mä doriwwer eraus och nach problematesch Héichdosiskonsumenten, mat alle gesondheetlechen, sozialen a gesellschaftleche Risiken, déi dat ka mat sech bréngen.

Zwee Drëttel vun alle Konsumenten insgesamt wiere méi wéi 50 Joer al an zwee Drëttel dovunner wiere Fraen.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Zuelen a Statistike gi vun 1995 bis 2004 an am Joer 2004 gouf vum Santésministère fir d'éischte Kéier eng Sensibiliséierungscampagne fir